ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2017

Här President,

am Numm vun der parlamentarescher Fraktioun vun der ADR biede mir Iech den Här Educatiounsminister an eng Sëtzung vun der Educatiounskommissioun anzeluede fir do Erklärungen iwwert d'Situatioun an d'Problemer mat der Disziplin an de Lycéeën ze ginn.

Mir bieden den Här Minister der Chamber bei där Geleeënheet Erklärungen iwwer d'Entwécklung vun den disziplinaresche Problemer an de Lycéeën ze ginn (Zuel, Entwécklungen, Auteuren, Reaktiounen), Informatiounen iwwer d'Disziplinarréit (Zuel, Fonctionnement an eventuell Problemer) ze ginn an duer ze leeë wéi d'Regierung wëll d'Sécherheet an de Schoulen a vun där ganzer Schoulcommunautéit verbessere wëllt.

D'Regierung sollt bei där Geleeënheet och Stellung zu där Fro huelen, ob d'Disziplinarreglement an de Fonctionnement vun den Disziplinarréit eventuell missten iwwerschafft ginn.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Gast Gibéryen,
Deputéierten